PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Energie weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro (n°4462) huet de Mobilitéitsminister mir d'staatlech Recetten duergeluecht, déi duerch d'Aktivitéiten op den Tankstellen op den Aires de Services zu Lëtzebuerg ageholl ginn. Esou huet de Staat an deene leschte 5 Joer, laut Minister, bal 350 Milliounen Euro u Recetten ageholl. 83,6% dovu waren Ofgabe vum Carburant. Wann d'Elektromobilitéit lues a lues de Verbrennungsmotor ersetzt, da wäerten och dës Steierrecetten mat der Zäit erofgoen, wëssend, dass d'Elektromobilitéit een onersetzleche Baustee vun eiser nationaler Klimapolitik ass.

Am Kader vun enger Diskussiounsronn, déi vum Automobilclub organiséiert gouf, huet de Minister, laut RTL, Folgendes erkläert

> *"Op den Cent genee kéint hien de Präis vum Elektresch an Zukunft net soen. D'Opluede géif awer ouni Zweiwel méi bëlleg bleiwen, wéi Diesel oder Bensinn tanken, esou de grénge Minister weider, deen och ënnerstrach huet, datt d'Präisser vum Elektresch vill manner volatil sinn, wéi déi vum Pëtrol."*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, dass eng Erhéijung vun den Accisen op d'Elektrizitéit, den Ausbau vun der Elektromobilitéit zu Lëtzebuerg kéint ausbremsen?

2. Ass et fir d'Regierung eng Optioun, fir an Zukunft d'Accisen um Stroum z'erhéijen, fir esou de Verloscht vun de Steierrecetten um Carburant auszegläichen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député